



Éischtens, et gëtt gespuert op engem Courier, obscho béid Partner aus dem Stot solidaresch un d'Obligation vum dem Courier gebonne sinn, nämlech am Regelfall d'Bezuele vun der Steierschold, eventuell legal Hypothéiken, déi op en Haus ageschriwwen ginn, oder Suen, well dat kann och de Fall sinn, déi zréckbezuelt ginn, wann d'Avancen ze héich waren.

Zweetens, et gëtt rechtlech eigentlech eng Présomptioun, also eng Vermutung agefouert, dass d'Zoustellung vum dem Courier un ee Partner gläich fir déi zwee zielt. D'Natur vun dëser Présomptioun, ob réfragable oder irréfragable, also ob ech kann de Contraire beweisen oder net, ass weder am Gesetz nach am Exposé des motifs nach an dem Commentaire des articles präziséiert.

Am d'Chambre de Commerce, déi weist och ausdrécklech op dee Problem hin, well dat biergt onweigerlech eng gewësse Rechtsenscherheet, a mir mussen also elo ofwaarden, bis dass den éischte Recours beim Verwaltungsgericht kënnt, fir ze kucken, wat d'Natur vun där Présomptioun ass.

Drëttens, d'Approche, déi gewielt gouf, geet eigentlech an déi entgéegengesate Richtung vun der Individualiséierung vun der Besteuerung mat enger individueller Erfassung vum versteierbare Revenuen an enger individueller Responsabiliséierung vun der Steierschold.

Véiertens, dëse Gesetzesprojet ass d'Ëmsetzung vum de Spuermoossnamen, a besonnesch där 258 aus dem sougenannte Spuerpak.

► **Une voix.**- Zukunftspak!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Spuerpak!

► **Plusieurs voix.**- Zukunftspak!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Wat d'Zukunft ass, dat soen ech lech elo. Lauschtert elo emol gutt no!

Also 2015, also fir d'lescht Joer, waren 118.000 Euro Aspierungen - duerfir Spuerpak - ageplangt. 2016, 2017 an 2018 no Spuerpak jee weils 618.000 Euro pro Joer. An der Fiche financière, déi bei dësem Gesetzesprojet bäiläit, sinn et der nach 280.000 fir 2016 respektiv 310.000 an 340.000 fir 2017 an 2018, also genau d'Halschent amplat vum deene 618.000, déi am Spuerpak oder Zukunftspak, wéi Dir en och ëmmer wëllt nennen, drastoungen.

Ab ee, fir 2016 d'äerft d'Aspieren am Endeffekt gläich null sinn! Firwat? Ma well d'Halschent vum Joer schonns elo eriwwe ass an am Sënn vun der Transparenz wuel all Steierzueler iwwert déi nei Moosssnam individuell muss informéiert ginn. Dat heescht, all Steierzueler, souwuel de Mann wéi d'Fra oder béid Partner an enger Koppel. Esou wäerte mir op eng verschlagte Moosssnam am Spuerpak oder Zukunftspak vum ursprénglech insgesamt zwou Milliounen Euro verdeelt op 2015 bis 2018 herno nach knapp bei 600.000 Euro, also manner wéi engem Drëttel leien.

Fir d'CSV ënnersträicht dëst konkret Beispill eigentlech, dass déi ursprénglech Augenwischerei vum Spuerpak oder Zukunftspak bei ganz ville Moosssname sech an Zukunft wäert erweisen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Dofir heescht en och Zukunftspak.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Déi konkret Froen duerfir, Här Präsident, un de Finanzminister.

Éischtens, wat ass dann elo d'Natur vun der Présomptioun, also der Vermutung, déi an dem Gesetzesprojet steet? Ass déi Ärer Meinung no réfragabel oder irréfragabel?

Zweetens, wéi ginn d'Leit am Konkrete vum dëser neier Bestëmmung informéiert?

Drëttens, wat ass op deem heitegen Dag dem Finanzminister seng Aschätzung da vum der reeller Aspierung op dësem Gesetzesprojet, wat dee bréngt, well souwuel d'Aschätzung vum dem Spuerpak an d'Fiche financière vum dësem Gesetzesprojet eigentlech net aktuell sinn.

An de Vott vum der CSV, Här Finanzminister, hânt eigentlech vum Ären Äntwerten of.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Roth. An d'Wuert huet elo den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, mir soe Merci vum eiser Säit un d'Rapportrice fir de komplette Rapport. Si huet eis gesot, ëm wat dass et hei geet. An der zoustänneger Finanzkommissioun hate mer och keng gréisser Diskussiounen ronderëm deen heite Projet. Ech sinn e bëssen erstaunt elo awer iwwert déi Interventionen hei, dee kriteschen Toun hei, deen den CSV-Vertreider bei deem heite Projet huet.

Bon, ech weess net, wéi et deenen anere Leit geet. Ech gehéieren zu deem Fall, wou mer doheem dann all Kéiers zwee Courriëre kréien, bei all Extrait, dee vum dem Steieramt kënnt. An ech muss lech éierlech soen, meeschtens gëtt den zweete Courier guer net opgemaach, well ee jo weess, wat an der zweeter Enveloppe mat dran ass.

A Présomptioun hei hin oder hier, ech mengen, dass et einfach eng Regel vu bon Sens ass, déi d'Regierung hei applizéiert an dozou iwwergeet, net engem, wahllos engem vum deenen zwee eng Zoustellung ze maachen an Zukunft, mä dass op d'Koppel jo d'Zoustellung gemaach gëtt.

Dat heescht, d'Koppel kritt eigentlech déi Bréiwer vum der Steierverwaltung an et gëtt net op den Numm vum engem nëmmen ausgeriicht, soudass se natierlech doduerch och allen zwee censéiert sinn, dee Bréif kritt ze hunn. Virdu konnt och keen d'Garantie ginn, dass déi Bréiwer beim Richteg landen an dass déi zwee da getrennt déi Bréiwer opmaachen a jiddweree säi Courier dann zur Kenntnis hëlt. Déi Garantie huet ee selbstverständlech och net am Normalen.

Soudass ech mengen, dass dat heiten net eng Fro ass, wou ee sech seet: Musse mer dat dote maachen? Mä ganz éierlech, ech mer géif d'Fro stellen: Firwat maache mer dat doten eréischt elo? Firwat eigentlech déi élémentaire administrativ Vereinfachung eréischt elo maachen? Firwat si mer net schonn éischter op d'Iddi komm, fir op deen dote Wee ze goen?

Mir gesinn dat als LSAP-Fraktioun ganz kloer als eng administrativ Vereinfachung am Interesse vum der Verwaltung an am Interesse awer och vum eenzelne Bierger. An duerfir wäerte mer och deen heiten Text stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. An d'Wuert huet elo d'Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Merci, Här Präsident. Der Rapporterin e Merci fir hire mëndlechen a schrëffleche Rapport an den Accord vum der grénger Fraktioun fir dee Projet de loi de bon sens.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Loschetter. Soss nach Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall. Dann huet d'Wuert elo den Här Finanzminister. Här Gramagna, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här Präsident, léif Kollegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, fir d'Éischt e grouse Merci un d'Joëlle Elvinger fir säi schrëfflechen a mëndleche Bericht.

Ech mengen, dat heiten ass eng Mesure vu bon Sens. Et brauch een net ganz vill Studie gemaach ze hunn, fir anzegesinn, dass mer hei konfrontéiert si mat enger Mesure vum der Vereinfachung, wou mer Pabeier spueren, wou mer Postkäschte spueren. An dofir hu mer dat gemaach. An dat, ouni dass en Désavantage fir de Contribuabel geschitt.

Also am Résumé effektiv gëtt haut nach just eng Informatioun erausgeschéckt. Wann awer Koppelen, déi dann zesumme besteiert ginn, oder gepacste Leit, déi och zesumme besteiert ginn, dat wëllen duebel kréien, da kënne se dat nawell kréien. Dat heescht, domat respektéiere mer och nach d'Kammouditéit vum de Leit. An engens maache mer eppes, wat effikass ass, a mir hunn eng Économie budgétaire. An dofir huet dat effektiv an den Zukunftspak gehéiert.

An ech si frou, dass mir eis Responsabilitéte geholl hunn, fir esou Ongereimtheeten, esou Ineffikassitéiten ze änneren. Dat doten hätt scho virun zéng oder zwanzeg Joer misse gemaach ginn. Et ass eben net gemaach ginn. An domat hu mer ganz vill Geld verbézt.

Elo kréien ech hei gesot, dass déi Zifferen, déi mer veranschlagt hunn, net esou optimistesesch sinn, wéi dat geduecht gi war, well et och eng gewëssen Zäit geholl huet, fir dat Gesetz ze stëmmen. Jo, dat ass esou. Mä wa mer dat virun zéng oder zwanzeg Joer gemaach hätten, hätte mer nach vill méi Geld gespuert.

(**Brouhaha**)

Mir hunn also hei eng Économie budgétaire, déi iwwert den Daum elo dann an deenen nächsten dräi Joer 600.000 Euro spuert. Mä Dir wäert all déi nächst Jore ganz vill Geld spueren!

Wat elo d'Présomptioun ubelaangt, vu dass ech Jurist sinn, deet dat mech immens schmunzelen. Ech kennen net ganz vill Présomptions irréfragables. Ech kennen eng ganz gutt. Dat ass déi vum der Paternitéit. Déi ass irréfragable.

(**Brouhaha général**)

Aus dem Code civil, an do steet déi ganz kloer dran. Déi meeschte Présomptiounen am Droit sinn natierlech net irréfragable.

► **Une voix.**- Dat do war kee gutt Beispill.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Domat hunn ech och, mengen ech, déi néideg Explikatiounen ginn, an d'Informatiounen,...

(**Brouhaha**)

...an d'Informatiounen vum de Leit, eh ben, dat ass evident: «Nul n'est censé ignorer la loi.» Mir maachen elo ganz vill Publicitéit fir dës Économie budgétaire, dann ass all Mënsch au courant.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Roth. Waart, bleift nach eng Sekonn hei, Här Finanzminister!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Neen, hie ka sech sëtze goen, Här Präsident.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Okay!

(**Hilarité générale et interruptions**)

Fuert duer, Här Roth!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Wann een an der Chamber schwätzt, da sollt een opstoen, sot den Här Weiler mer, mäin éischte Präsident.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- En hat komplett recht.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här Präsident, den Här Gramagna hat am Ufank gemengt, et misst een net vill Schoule gemaach hunn, fir ze wëssen, dass dat hei eng Solution de bon sens wier. An do huet e gesot, dat hätt ee scho kënne virun zéng oder zwanzeg Joer maachen.

(**Interruption**)

Ech wëll em just soen: Et gëtt eng Présomption irréfragable, dat ass déi, déi en elo genannt huet, nämlech: «Nul n'est censé ignorer la loi.»

A firwat dass dat hei huet missen ageféiert ginn, dat geet ganz prezis op en Uerteel vum dem Conseil d'État zréck - do sëtzt e fréiere Member vum Comité du contentieux, den Här Meyers -, dat confirméiert gouf vum de Verwaltungsgerichter a wat précisément dorobber opmierksam gemaach huet, dass een net kann engem vum de Partner aus enger Koppel eng Steierschold herno opleeën, ouni dass en am Virfeld perséinlech dovun informéiert war.

Dat war nämlech d'Ursaach. Well virun zéng oder zwanzeg Joer, virun 2000, du kruten d'Leit nëmmen ee Bulletin d'impôt geschéckt fir d'Koppel. Du kruten d'Leit nëmmen een Dekont geschéckt an du kruten d'Leit och nëmmen ee Bulletin mat der Fixation d'avances geschéckt.

Ech gesinn, Här Finanzminister, dass Der och net weider op déi Chifferen agaange sidd, déi ech lech genannt hunn. An duerfir wäert d'CSV-Fraktioun an engem konstruktive Geescht sech bei dësem Projet enthalen.

(**Brouhaha**)

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gutt. Ech gesinn, dass keng zousätzlech Wuertmeldungen do sinn. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6964 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwe. 34-mol Jo, bei 26 Enthalungen. Domat ass de Projet de loi 6964 ugehall.

*Ont voté oui:* MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

*Se sont abstenus:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert,

MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment et interruption par M. Roy Reding**)

► **M. Roy Reding** (ADR).- Ech wëll meng Abstentioun begrënnen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah, selbstverständlech!

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, Här Präsident, Merci. Ech wollt meng Abstentioun,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Selbstverständlech!

► **M. Roy Reding** (ADR).- ...motivéieren. Ech hu virun d'Wuert net ergraff, well ech och op dem Här Minister seng Äntwerte gewaart hunn. An Zäite vum Desintegratioun vu Familien, vu Koppelen, an en vue vum enger Individualiséierung vum de Steuerlaaschten denken ech och, datt eng perséinlech Notifikatioun wichteg ass. An ech fannen och dem Här Minister seng Äntworten absolutt onzoulänglech zu deenen Argumenter, déi den Här Roth virbruecht huet.

An duerfir hu mir eis och bei dësem Vott enthalen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, d'Situatioun ass kloer: De Projet 6964 ass ugehall.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6983. Et handelt sech ëm eng zäitlech Ofännerung vum der Besteuerung vum Terrainen a vu Gebaier. An d'Wuert huet elo fir d'Zweet d'Madamm Joëlle Elvinger. Dir hutt d'Wuert, Dir zwee.

(**Hilarité**)

## 8. 6983 - Projet de loi portant modification d'une disposition en matière d'impôts directs

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapportrice*.- Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, den 29. Februar dëst Joer huet de Finanzminister d'Steierreform virgestallt. An dës Steuerreform enthält eng ganz Rei vum Elementer, déi de Logementsmaart betreffen. De Gesetzesprojet, zu deem ech lech elo de Rapport maachen, ass een Deel vum der Steuerreform. Et ass am Fong geholl den éischten Deel vum dëser Steuerreform, deen och d'Logementspolitik betrëfft.

Ech erlabe mer, hei aus dem Regierungsprogramm ze zitieren, dee seet: «...le Gouvernement agira pour permettre une mobilisation accrue de terrains disponibles pour l'habitat appartenant aux personnes morales et physiques.»

Mat der Aféierung vum Quart-taux global bei der Besteuerung vum de Plus-values immobilières am Kader vum Artikel 99ter vum der LIR, dat heescht vum der Loi sur l'impôt sur le revenu vum 4. Dezember '67, schafe mir e favorabelt steuerlecht Ëmfeld, fir Bauland a Wunnengen op de Marché ze bréngen.

Ech erlabe mer, hei kuerz de steuerleche Kader ze setzen, wou et eng Distinction gëtt tëschent zwou Zorte vu Plus-valuen, déi am Artikel 99bis an 99ter vum der LIR, dat heescht der Loi sur l'impôt sur le revenu, virgesi sinn. Engersäits hu mer d'Spekulationsbenefissen, wéi den Artikel 99bis LIR se virgesäit. Hei ginn d'Plus-valuen, déi innerhalb vum enger Period vum zwee Joer vum der Acquisitioun oder dem Bau vum der Immobilie réaliséiert ginn, befreit, an dës Plus-valuë ginn um Taux marginal besteiert.

Anersäits hu mer d'Revenue vum Verkaf no dëser Period vum zwee Joer, wéi den Artikel 99ter LIR se virgesäit. Dës Revenue si bis elo, also d'Plus-valuë si bis elo um hallwenn Taux global besteiert ginn. Dësen Taux op de Plus-valuen, wéi den Artikel 99ter se virgesäit, gëtt duerch dëse Projet de loi 6983 ëm d'Halschent re-





duzéiert, soudass d'Plus-value um Verkaf vun Immobilien, déi mindestens zwee Joer am Besëtz vu Privatleit waren, elo nach um Véierels-Taux global besteiert gëtt. Dësen Taux gëtt unhand vun all de Revenuen gerechent, déi eng Persoun dat Joer hat, wou se hir Immobilie verkaaft huet.

Ech wëll awer hei preziséieren, dass dës Mesure och just Privatleit betrëfft. D'Sociétés de capitaux sinn expressément ausgeschloss a kënnen net vun dësem méi gënschtegen Taux vun der Besteuerung vun de Plus-values immobilières profitéieren an och, wou vläicht e Malentendu opkomm war: D'Venté vu Participations importantes, wéi den Artikel 100 an 101 se virgesäit, sinn och net betraff vun dësem Projet de loi.

Dës Mesure ass awer zäitlech begrenzt. Si leeft just während 18 Méint a leeft den 1. Juli dëst Joer un, dat heescht, se leeft tëschent dem 1. Juli 2016 an dem 31. Dezember 2017. Déi hei Mesure, déi de Logement betrëfft, gëtt och net mam gesamte Pak vun der Steuerreform ugeholl, mä gëtt der Steuerreform virgezunn, well déi gesamt Steuerreform wäert jo eréischt den 1. Januar 2017 a Kraaft treden. Dëst aus engem einfache Grond: well mer e Stopp vun den Transaktiounen um Immobiliemarkt verhënnere wëllen, an esou hu mer dës Mesure virgezunn, fir eben ze verhënnere, dass d'Leit an den nächste sechs Méint op hiren Immobilie sëtze bleiwen, fir duerno eréischt vun där méi favorabler Besteuerung op der Plus-value ze profitéieren.

Dës Mesure ass also op annerhalleft Joer begrenzt, fir der Offer um Logementsmarché an deenen nächste Méint e richtige Ruck ze ginn.

Laut der Fiche financière, déi dem Gesetzesprojet annexéiert ass, huet d'Gesetz keng Inzidenz op de Statsbudget, well déi Moins-value fiscale - dat heescht, dat, wat duerch d'Erfolge vum Taux manner an d'Statskeesen erakënn - doduerch kompenséiert gëtt, dass d'Zuel vun den Immobilientransaktiounen wäert an d'Luucht goen. Dëst huet d'Vergaangenheet och esou gewisen. An doduerch, dass d'Zuel vun den Immobilientransaktiounen an d'Luucht geet, wäerten dann och d'Recettë vun den Droits d'enregistrement eropgoen.

Här President, wéi beim Projet virdrun handelt et sech hei bei dësem Gesetzestext an nëmmen ëm en Article unique. Et ass eng kleng Ännerung vun eiser Steuerlandschaft, awer eng Ännerung, déi d'Offer um Wunnengsmaat eropschrauwe wäert, souwuel wat d'Terraine wéi och d'Wunnenge betrëfft.

De Projet ass immens séier an der Prozedur gaangen. En ass den 3. Mee eréischt vun dësem Joer déposéiert gi vum Finanzminister. De 7. Juni huet de Statsrot scho säin Avis ginn an den 10. Juni huet d'Finanz- a Budgetkommission vun der Chamber schonn de Rapport adoptéiert.

An ech wëll an dësem Sënn och de Kolleegen aus der Finanzkommission, awer och dem Finanzminister a senge Leit vun der Verwaltung e ganz grouse Merci soen, och dem Statsrot e ganz grouse Merci an all de Leit fir déi gutt Zusummenaarbecht mam Parlament weinst der Rapiditéit, mat där dëst Gesetz kann ugeholl ginn.

Ech ginn dann och den Accord vun der Fraktion vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo den Här Gilles Roth. Här Roth!

#### Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen nach eng Käier dem Joëlle Elvinger Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

Mat dësem Gesetzesprojet ginn eigentlech d'Plus-valuen op Immobilieverkeef aus dem Privatverméigen nach mat engem Véierels vum normalen duerchschnëttleche Steuersaz besteiert. Dat heescht am Konkreten, mat maximal 10%. Bis haut waren dat 20%. An dës Regel, déi gëllt awer nëmmen, wéi si och virdrun dat ënnerstrach huet, vum 1. Juli dëst Joer bis un d'Enn vun 2017.

Éischtens dozou: Esou eng Moosnam gouf et schonn an der Zäit, nämlech vun 2002 bis 2007. A mir mengen och, dass dës Moosnam schonn een Effekt huet op d'Immobilieverkeef. Mä no deenen Zuelen, déi mer hu missen ofginn de leschte Freideg, stellt et sech wuel eraus, dass et besonnesch um Enn vun dëser Period, nämlech am Dezember 2017 wäert zu engem Uvuesse vun den Transaktiounen kommen, an d'Notairen dierften do wahrscheinlech keng Chrëschtvakanz hunn.

Zweetens: D'Kapital, an dësem Fall d'Plus-value op Immobilien an dem Privatbesëtz, kritt eng méi favorabel Besteuerung. D'Kapital! D'Finalitéit, fir méi Wunnengen ze schafen, huet an dësem Fall wuel Virfahrt par rapport zur Steuer-équitéit.

1978 huet iwwregens déi deemoleg blo-rout Regierung eigentlech just de Contraire gemaach. Well an engem Gesetz vum 27. Juli 1978 gouf nämlech déi generell Besteuerung vun de Plus-valuen festgehalen. An am Exposé des motifs huet et deemools geheescht: «Que l'impôt à introduire soit plus ou moins utile en vue d'une normalisation du marché financier est en somme d'importance secondaire. Son introduction s'impose sur le plan de l'équité fiscale. La généralisation de l'imposition des plus-values réalisées par le vendeur d'éléments de son patrimoine privé s'impose certainement au gouvernement en place qui a pris le 4 juillet 1974 l'engagement que „la répartition de l'effort fiscal sera revue dans le sens d'une plus grande équité“.»

Den Här Fayot laacht an e wäert herno soen, wien deemools Finanzminister war. Mä esou, Dir Hären a Kollege vun der LSAP, esou änneren emol d'Zäiten.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - De Wunnengsmaat huet och geännert!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Drëtens: Et sief, de Finanzminister beweist herno de Contraire, mä et ka mat dësem Gesetz eigentlech och zu Ongläichheete féieren (veuillez lire: kommen), jee nodeems wéi ech eng Immobilie aus mengem Privatverméige veräusseren. Bréngen ech nämlech een Terrain, dee mir gehéiert, an ee Lotissement mat an a kréien do eng oder méi Bauplazen amplaz, déi ech dann herno verkafen, fir mech halen oder engem Kand verschenken, trifft dës favorable Steuerregimm, menger Liesart no, net onbedéngt zou. D'Steierverwaltung kann esou eng Operatioun als sougenannte Bénéfice commercial, also gewerbleche Gewinn ugesinn no Artikel 14 vun dem Steiergesetz, an da bezuelen ech dorop de volle Steiertariff an net ee Véierel. A mat e bësse Pech fällt da gegebenenfalls och nach d'Gewerbesteier un!

2002, wéi schonns emol de favorable Steuerregimm wou sougenannte Véierels vum duerchschnëttleche Steiersaz op de Plus-valuen agefouert ginn ass, gouf et och eng Bestëmmung, déi deemools am Gesetz festgehalen huet, dass een ënner verschidde Konditiounen konnt och vum Véierelstax profitéieren, wann ee säin Terrain an ee Lotissement mat abruucht huet. Dës Bestëmmung ass net an dësem Gesetz erëmgeholl. Den Exposé des motifs geet och net op dës Situatioun an.

Et wär deemno gutt, wann de Finanzminister am Interessé awer vun der Saach géif herno zu dëser Problematik konkret Stellung huelen, fir dass Klärung op dësem wichtege Punkt, mengen ech, fir d'Bierger dobauss besteet.

Véiertens: D'Aféiere vun dem Véierelstax op de Plus-values immobilières war eng vun de Steiermoosnamen, déi de Wirtschafts- a Sozialrot a sengem Avis vum November 2003 iwwert de Wunnengsbau zu Lëtzebuerg proposéiert hat. Eng aner Moosnam, déi proposéiert gouf, war d'Ausdeene vu sechs op eelef Joer vun dem sougenannten Taux d'amortissement accélééré, also dat, wat ech vu mengem Immobilienwäert, déi ech verlounen, all Joer kann ofschreiwen.

Wat ass zu dësem Punkt d'Positioun vun der Regierung, notament am Hibleck vun der Erhéijung vun der TVA am Logement vun 3% op 17% zanter 2014?

Eng TVA-Erhéijung, déi de Bau verdeiert a kontraproduktiv fir verbëllegte Wunnengsbau ass!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Dat war der CSV hir Meenung virun 18 Méint. Mir fillen eis duerch déi rezent Entwécklung vun den Immobilienpräisser ëmsou méi bestätegt.

Här President, d'CSV wäert dës Gesetzesprojet matstëmmen.

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Mir fuerderen... Jo! Mir fuerderen de Finanzminister awer op, dass déi nei Bestëmmung mat all hire konkrete Facetten dem Bierger matgedeelt gëtt, mat Präziounen besonnesch op deem Fall, deem ech virdrun a menger Ried beschriwwen hat. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Merci un d'Rapportrice fir e ganz gudd schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass bal alles gesot, wat d'Mesure ugeet. Mir féieren effektiv haut e sougenannten „quart-taux“ an op d'Besteuerung vun de Plus-valuen op Immobilien, déi säit méi wéi zwee Joer am Privatbesëtz gehale gi vu Leit. Et ass eng vun deene Mesuren, déi effektiv an der Steuerreform sollen drop erauszilen, fir den Immobiliemarkt ze stimuléieren.

Mir droen dës Mesure als LSAP mat. Mä ech géif awer gären e puer Observatiounen heizou maachen. Déi éischt Observatioun ass, dass dës Mesure eiser Meenung no soll temporaire sinn. Si soll zäitlech begrenzt sinn. Si ass effektiv op 18 Méint ugesat, a mir hu gesinn, wéi mer déi Chifferen analyséiert hu vun der viregter Period, wou eng äänlech Mesure gemaach ginn ass 2002-2007, dass et effektiv esou ass, dass wierklech eréischt zum Schluss vun hirer Wirksamkeit de plein effet spilt.

2007 war e Pic ze constatéieren an den Transaktiounen. Et war och e relativ considérable Volume vu Revenuen, deen deemools besteiert ginn ass, wat natierlech eraane léisst, wat den enorme Volume vun den Transaktiounen deemools war 2007.

An ech mengen - dat huet den Direkter vun der Steierverwaltung och bestätegt -, wann een déi Mesure hei méi laang usetzt, net nëmmen iwwer 18 Méint, dann ass den Haapteffekt dovunner, dass se d'Statskeese privéiert vu Recetten op deene Plus-valuen, an den Incitatif fir d'Vente vun Immobilie geet da lues a lues verluer. Dat heescht, mir halen effektiv drop, dass déi Zäit op 18 Méint begrenzt ass.

Et sief och hei drun erënnert, dass mer elo schonn eng total Exemptioun hu vu Plus-valuen, op der Besteuerung vu Plus-valuen a vu Spekulationsbenefisser an deene Fäll, wou Venté gemaach ginn u Gemengen, de Stat oder Gemengesyndikater. Dat ass eng Mesure aus dem Pacte Logement, den Artikel 29 aus dem Pacte Logement. Dat heescht, et gëtt elo schonn en Incitatif fiscal, wann eng Vente gemaach gëtt un d'ëffentlech Hand.

Fir dass dës Mesure gräift, muss d'ëffentlech Hand natierlech kafen. Dat ass leider net ëmmer de Fall an dat ass eng aner Geschicht. Mä wann de Stat an och wann d'Gemege wëllen eppes maache fir de Logement, dann hu se d'Instrumenter derfir, notament am Gesetz Pacte Logement, wa se zum Beispill hiren Droit de préemption escht huelen.

Mä, wéi gesot, dat ass en aneren Débat. Et ass en aneren Débat an awer och net, well et geet eis jo hei ëm d'Stimulatioun vum Immobilienmarkt an en Allègement vun der Pressioun um Wunnengsmaat.

Fir eis ass et och kloer, dass dës Mesure sech wierklech just duerch eng Beliewung vun der Offer um Immobiliemarkt rechtfertegt. Et bleift ze kucken, ob déi steierlech Faveur hei dann och wierklech de Logement op de Wunnengsmaat bréngt, oder ob et an der Haaptsaach en Instrument ass, fir de Promoteuren et ze erlaben, hire Reservoir un Terrainen erëm opzefüllen an dann trotzdem déi Terrainen ëmmer nach drëppchesweis un de Marché ze ginn, mat der Suerg, fir nëmmen net d'Präisser falen ze doen.

Dat ass och e Problem am Lëtzebuurger Logement. An et gëtt fir eis net noutgedrungen hei e Lien de cause à effet tëschent méi Transaktiounen um Markt an ebe manner héije Präisser um Logementsmaat.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Dat bleift ze kucken. Mä wann deen Effet ausbleift, da war et leider, mengen ech, e bëssen e Schlag an d'Waasser. Et muss een och soen, dass, wann een déi Chifferen, wann een déi Period kuckt vun 2002 bis 2007 an och déi Joren duerno vun deem viregten „quart-taux“, ass et net onbedéngt esou, dass ee kann eng Chute vun de Präisser constatéieren am Logement.

Bon, et kann een ëmmer soen: Wat wier gewiescht, wa mer dat net gemaach hätten? Kann een da vläicht dovunner ausgoen, dass d'Präisser méi schnell geklomme wären? Mä dat ass schwéier ze soen a schwéier ze erfasse statistesch. Mä dat, mengen ech, misst een awer trotzdem och observéieren.

Här President, fir d'LSAP, dat soen ech hei gär ganz kloer, sinn d'Plus-valuen op Immobilienventen am Prinzip keng steierlech schützswäert Akommessen. Den Här Roth huet et ugeideit, 1978 ass dës Mesure agefouert gi vum Jacques Poos, dem bis dato leschte Finanzminister, mat deene Suergen, déi...

► **Une voix.** - Vun der LSAP.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Vun der LSAP, bien évidemment! Et war elo e bëssen douloureux, dofir hunn ech dat elo net derbäigesot. Mä dat war évidemment... Dat ass eng gutt Präzisioun.

► **Une voix.** - Den Här Gramegna hat schonn Angscht!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - D'Suerg deemools war déi vun der Équitéit, effektiv d'équité fiscale, fir ze soen: Et gëtt kee Grond, firwat mer d'Plus-values immobilières sollen ausschléisse vun der Besteuerung. Dofir, nach eng Käier, bëlegt (veuillez lire: hellegt) hei wierklech just den Zweck d'Mëttel.

Et ass just nach eng Fro, déi ech dem Minister wollt stellen, well dat ass eng Diskussioun, déi mer haten an der Finanzkommission, dat sinn déi Fäll vu Leit, déi Terrainen hu säit méi wéi zwee Joer, mä déi awer gebaut hu säit manner wéi zwee Joer. Dat heescht, wou Der en fait Venten hutt vun Terrainen, déi scho méi laang wéi zwee Joer am Besëtz sinn, mä wou d'Acquisition vun der Immobilie... also wou d'Konstruktioun vun der Immobilie méi rezent ass. Do ass dann d'Fro: Ass et de Prinzip „l'accessoire suit le principal“, dass déi dann och vun där Mesure benefiséieren, oder ass et esou, dass do an eneren Traitement koom?

Mir haten déi Diskussioun, wéi gesot, an der Kommission an et huet keen esou wierklech eng Äntwert drop fonnt, soudass ech do dankbar wär fir eng Positioun.

Ech bréngen natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet elo d'Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Et ass just, fir der Rapportrice och Merci ze soe fir hir Aarbecht als Rapportrice an den Accord vun der Fraktioun ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech mengen, de Kader vun der Diskussioun ass hei gestach ginn. Et geet drëm, dass bei Immobilientransaktiounen d'Plus-values immobilières an Zukunft mam Demi-taux global, dat heescht ronn 10% anstatt 20%, besteiert ginn. Nota bene: D'Plus-value op dem Domicile ass souwisou steierfräi. Dat heescht, mir schwätze vun aneren Immobilien.

Wann elo de Jempy Müller säin Appartement zu Bouneweg, deen e bis elo verlount hat, verkeeft, an e seet: „Ech maachen elo 150.000 Euro Plus-value an ech muss elo nëmmen nach 15.000 anstatt 30.000 Euro Steiere bezuelen“, dann ass dat fir de Jempy Müller eng gutt Nouvelle an ech vergonnen him dat vun Häerzen. Mä dat schaaft keen eenzege Meter carré Wunnraum!

Wann d'Famill „Souwisou“ etlech Hektaren, wat mer Bauerwartungsland nennen - Land ausserhalb vum Perimeter -, verkeeft als Objet de spéculation an um Schluss op hir Plus-value, déi se mécht an déi mir hir vun Härze gä vergonnen, nëmmen nach eng Millioun Steiere muss bezuelen, anstatt zwou Millioun Steieren ze bezuelen, dann ass dat fir déi Famill eng wonnerbar Nouvelle a mir vergonnen hir se vun Häerzen. Mä dat schaaft keen eenzege Meter carré Wunnraum!

Wunnraum gëtt da geschaaft, an nëmmen da geschaaft, wa bebaubart Land op de Markt kënnt, do wou d'Propriétaire bis elo, op Lëtzebuergesch gesot, drop glücken. Wann een also der Meinung ass, e steierlechen Incentive ze ginn, fir dës Propriétaires dozou ze bewegen, dëst Bauland op de Markt ze bréngen an net drop sëtzen ze bleiwen, dann hätt een dës Mesure missen op déi Fäll limitéieren a soen: Si gëllen nëmme beim Verkaf vu bebaubarem Land an net beim Verkaf vun existéierenden Immobilien, a méins dass dat eng existéierend Immobilie wier, déi soll ofgerappt ginn oder total entkernt ginn a wou neie Wunnraum geschaaft gëtt.

Et ass also an eisen Aen e Grëff, deen net wierklech innovativ ass an dee fir d'Wunnengsraumschaf sech net esou drop konzentréiert, wéi e misst.

Wann een et limitéiert hätt op bebaubart Land, dann hätt ee souguer kënne méi wäit goen an deem Incentive a soen: Net nëmmen, dass mer dat nëmme mat engem Véierelstax besteieren, mä mir maachen dat während dëser limitéierter Zäit total steierfräi. Dann hätt ee ganz gezielt op de Wunnengsmaat agewierkt.

Trotz dës Kriticken: Wéi kann ee géint e Projet sinn, deen d'Steierlaascht, wann och nëmme punktuell, erfesetzt, nodeem mer vun dëser Regierung lauter Projekte gewinnt sinn, déi Steieren, Abgaben, Taxen, TVA, administrativ Oplagen an esou weider eropsetzen? Wéi kann ee géint e Projet sinn, deen, wann och nëmme ganz begrenzt a ganz punktuell, um Wunnengsmaat eppes kann hëllefen?





Duerfir stëmme mer, ënner Reserv vun eise Re-marquen, dëse Projet mat. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Erlaabt mer, fir d'Éischt emol mat engem Zitat unfänken, op Däitsch: „Wieso wird das Wohnen in Luxemburg immer teurer? Was tut die Regierung dagegen? Leider nicht genug! Durch Mobilisierung von Bauland will sie die Preise generell drücken. Das kann nicht funktionieren!“

Här President, déi gréng hu mer e bësse leed gedom, well se u sech net vill zu deem Projet de loi gesot hunn. An et kann ee sech och virstellen, firwat. Si wäerten elo e Projet de loi ënnerstëtzen, dee se selwer am Joer 2012, wou se nach net an der Regierung waren, als debill empfongt hunn. Zu Recht d'ailleurs!

Dat kéinte mir och matdroen, well dëse Gesetzesprojet, et muss een awer éierlech sinn, huet eng eenzeg Finalitéit: De Propriétaire Steierkaddoe maachen, soss näischt! An dat ass souwisou der Regierung - mä awer net nëm-men der Regierung, och der CSV - hir Obses-sion: Dat ass, d'Propriétaires ze ënnerstëtzen. Déi, déi schonn hunn, kréien nach méi. An dat gesi mer och mat dëser Mesure. An déi, déi natierlech net vill hunn, déi versichen iwwerhaapt... déi Locatairé sinn a souwisou un der Aarmutsgrenz sinn, déi kréien eng kleng subsidiéiert Hëllef, déi si jo mat u sech deelweis finanzéiert hunn.

Dës Regierung, Här President, mécht keng Logementspolitik, dat ass falsch! Dës Regierung, Här President, mécht eng Politik fir d'Propriétaires, soss näischt!

Wéi oft soll een dat dann nach soen: De Problem zu Lëtzebuerg vun de Wunnengen, déi ze deier sinn, wisst vun Dag zu Dag a gëtt wierklech zu engem Aarmutspolproblem fir ëmmer méi Leit!

Firwat héiert een dat einfach net méi? Firwat musse mir zwee vun déi Lénk dat all Kéiers soen? Ech verstinn dat net!

Well dobaussen, ech kann lech soen, et sinn nach vill Leit, déi mech nach net kennen, mä et sinn der ëmmer méi, déi mech e bësse kennen an déi mech da froen an esou weider, schwätzen: „Wat maacht Der als déi Lénk?“ - an esou weider - „Jo, Logement.“ An esou weider. An et ass ëmmer dorëm, datt et sech ëmmer erëm dréit: de Logement, de Logement, de Logement! Wann s de hinnen dann och nach sees, datt elo d'Propriétaire Kaddoe gemaach kréien, da soe se: „Ma déi Regierung huet se net méi all!“ An dann hu se vläicht net onrecht.

Well elo duerch d'Halbéierung vun der Besteierung vun de Plus-values immobilières soll ee mir iergendwéi soen, hei erklären, datt d'Präiser wäerten erofgoen. Well et geet jo dorëms! Och wann d'Offer erhéicht gëtt, wësse mer nach ëmmer net, ob bezuelbare Wunnraum, an dorëms misst et jo goen ëm dës Zäit, ob bezuelbare Wunnraum iwwerhaapt méiglech gemaach gëtt.

An et ass souwisou net déi éischte Kéier, datt esou eng Reform gemaach gëtt. An den Här Roth huet et scho gesot an aner Leit hunn et och scho gesot. 2002 gouf schonn esou eng Reform gemaach, wou déi Besteierung halbéiert gouf vun 19%. Deemools war den Taux marginal nach e bësse méi déif op 9,5%, plus nach de bëlleegen Akt an esou weider.

Huet eppes, huet iergendeppes gegräff? Huet iergendee gemierkt, ob de Logement, ob d'Präisser besser gi sinn, méi bëleg gi sinn, abordabel gi sinn, fir normal Leit? Fir normal Leit? Neen, natierlech net! An et gëtt erëm eng Kéier gemaach.

Et muss ee sech awer och nach aner Froe stellen. Wann de Wäert souwisou vun den Terrainen esou staark klëmmt, da muss ee sech awer d'Fro stellen, ob et iwwerhaapt Sënn mécht, esou eng Mesure ze huelen. Well deemno wéi, kann ee jo u sech nach seng Terrainen behalen an nach e bësse waarden, ier ee se verkeeft.

An dann, wat geschitt mat deenen Terrainen, déi dann och nach sollen op de Maart kommen? Wie baut drop? Well et geet jo och dorëms! Wie baut drop? Dat Gesetz, dee Projet de loi, dee gesäit jo guer keng Restriktioun vir. Wie baut drop? Fir wien gëtt drop gebaut? An dat ass souwisou e generelle Problem vun der Logementspolitik vun dëser Regierung, datt net onbedéngt och weiderhi Wunnenge gebaut ginn, déi abordabel sinn.

Well et gi jo verschidde Saache gebaut, wéi zum Beispill déi Wunnengen, déi gebaut ginn, wou ee just 80% vum Duerchschnëttspräis vum Maart muss bezuelen, wat souwisou scho

vill ze vill héich ass, zemools a gewësse Géigen-den, u sech am ganze Land ze vill héich ass, respektiv, et ass emol net an der Locatioun, mä et ass an der Vente. Also souwisou gëtt hei wierklech keng seriö Politik gemaach.

An et ginn awer Léisungen. D'Leit kënnen se kucke goen op dem Internetsite vun déi Lénk, well mir maache jo grad eng Campagne zum Logement, a mir maachen eng ganz Rei vu Proposen, wou mer schonn amgaange sinn, zënter Méint dorëmmer ze goen. Et muss ee géint d'Spekulatioun goen. Dat heescht, et muss een déi besteieren, déi spekuléieren. Et muss een effentlech agräifen, d'Gemengen a Stat zesummen. Et kann een net einfach esou dem Maart dat iwwerloossen an och nach de Propriétaire Kaddoe maachen, déi souwisou net wäerte gräifen.

Aus all deene Grënn wäerte mer natierlech géint dëse Projet de loi stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo direkt den Här Finanzminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här President, léif Regierungskollegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech, dass mer op dësem Projet zu ganz vill eis eens sinn, dass et eng gutt Mesure ass. Mat Ausnam vun déi Lénk gëtt se jo vun all Mënsch gedroen.

Et ass och esou, dass den Haaptbut vun dëser Mesure jo ass, d'Offer vu Wunnengen a vun Terrainen an d'Luucht ze schrauwen. An ech mengen, dass kee bestreit, dass dat dote mat esou enger Mesure méiglech ass. A mir hu jo Erfahrungswäerter. Mir hunn déi Erfahrungswäerter an der Cofibu, an der zoustänneger Chamberskommissioun mat de Membere gedeelt. Do gesäit een, dass tëschent 2006 an 2007 de Montant vun den Transaktiounen an natierlech och de Montant vun de Steieren, déi doduerch erakommen, méi wéi verduebelt huet.

Wat seet dat eis aus? Et seet eis éischstens emol aus, dass déi Mesure emol ka gräifen. Se seet eis och aus, dass se zum Schluss vun der Period gräift, well deemools war dat tëschent 2005 an 2007 agefouert ginn an dat huet sech eréischt lues a lues bewäert. An et ass nëmmen dee Moment, wou ee gesot huet, dass déi Mesure zu Enn géif kommen, wou se wierklech hiert vollt Potenzial gewisen huet. Dat erkläert, firwat dass mer déi Mesure fir nëmmen 18 Méint maachen. Et ass also eng Mesure, déi fonctionnéiert huet.

Ech kann och net einfach stoe loossen, obwuel dat wäit iwwer eis Debatt geet, ze soen, dass dës Regierung näischt fir de Logement mécht. Dat ass éischstens materiell falsch an et ass einfach de Contraire vun all deem, wat geschitt ass. Mir hunn eng Subvention logement gemaach, déi 28 Milliounen Euro d'Joer kascht, fir grad deenen ze hëllefen, déi Schwierigkeiten hunn, hire Loyer ze bezuelen.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- De Propriétaires ze hëllefen!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- An dat ass, mengen ech, vun all Mënsch begréisst ginn. Da fannen ech et net korrekt, einfach an de Raum ze stellen, dass mer näischt maachen.

Et ass och esou, dass d'Regierung do, wou se kann, do, wou se Propriétaire ass, oder wou se eppes ze soen huet, zesumme mat de Gemengen alles mécht, fir dass bewunnbare Raum zur Verfügung gestallt gëtt, zu engem rasonabele Präis. Mir hunn do souguer Projeten, déi wäit avancéiert waren, réckgängeg gemaach, fir deem entgéintzewierken.

Ech soen och regelméisseg a menger Budgetsried, ech wäert et dann och dëst Joer maachen, wiwill mer doranner investéieren. Mä mir sinn awer och an enger fräier Gesellschaft. De Stat kann net alles a soll och net alles maachen. En huet gewëssen Instrumenter, déi soll en ausnotzen, an dat maache mer och. A fir de Rescht ass een op de Privatsektor ugewisen an dat ass och gutt esou. An dës Mesure hëlleft an deem Kontext ganz kloer.

Da par rapport zu de Mesuren, déi an der Vergaangenheet waren, sinn hei zwee Ennerscheeder. Et ass eis haaptsächlech drëms gaangen, effektiv de Privatleit entgéintzekommen an déi ze encouragéieren, elo ze verkafen, wéi plutôt setzen ze bleiwen op hiren Terrainen an op hire Propriétéiten, well se hei eng Fënster kréien, wou d'Besteierung méi niddreg gëtt.

Et geet eis awer net drëms, d'Spekulanten ze favoriséieren, an et geet och net drëms, fir déi Operatiounen, déi als kommerziell beschriwwen kënnen ginn, ze ënnerstëtzen. Dat ass eng Nuance, dat ass anescht wéi dat, wat deemools

gemaach ginn ass. Doriwwer kéint ee laang diskutéieren. Mä ech wëll ganz kloer hei soen: Déi Transaktiounen, déi ënner zwee Joer géife gemaach ginn, dat heescht, e Bien, en Terrain, en Haus, eng Wunneng, déi ee géif verkafen ënner zwee Joer, säitdeem ee se huet, dat fält ënnert de Bénéfice de spéculation, an do spillt de Quart-taux net. Do spillt den normalen Demi-taux, ronn 20%.

An och déi, déi dat an e Lotissement géife wëlen eriwverginn, déi kënnen dat natierlech nach ëmmer maachen. An dat ka jo vun der Steierverwaltung als eng kommerziell Operatioun beschriwwen ginn. Do gëtt et och Grënn, firwat dass dat kann esou beschriwwen ginn. Do kann een domat d'accord sinn oder net. An dat wollte mer net onbedéngt encouragéieren. Wéi gesot, dat ass eng Nuance mat der Gesetzgebung, wéi mer se tëschent 2002 an 2007 kannt hunn. Mir wollten deen Ennerscheid do maachen. Ech wëll dat hei awer och ganz kloer soen, fir dass Clartéit besteet.

Ech krut och d'Fro vum Deputéierte Fayot gestallt, wéi et dann ass, wann den Terrain méi wéi zwee Joer an der Propriétéit war an d'Haus manner wéi zwee. Jo, da muss een dat an zwee deelen. Dat ass jo ganz machbar, dass ee seet: Majo, den Terrain ass esou vill wäert, a wann een deen da méi wéi zwee Joer huet, da kritt een do de Quart-taux, a wann een d'Haus oder d'Wunneng manner wéi zwee Joer huet, da kritt een do de Quart-taux net. Och dat, mengen ech, schéngt mer eng ganz rasonabel Léisung.

Ech mengen, mir hunn all verstanen, firwat mer déi Mesure nëmmen op 18 Méint wëlle maachen. Mir mengen, dass déi kuerz Period zur Effikasitéit vun der Mesure wäert bäidroen.

A leschte Punkt: Mir hunn dës Mesure am Februar annoncéiert a mir hu se virgezunn op Demande vu ville Leit, Leit an der Chamber, Leit op dem Terrain, Promoteuren, Particulieren, déi gesot hunn: „Mir brauche Rechtssécherheet.“ An dofir hu mer dat virgeholl, an dofir kënnen mer dat haut schonn am Juni hei diskutéieren an zesummen decidéieren.

Ech begrëissen formell, dass mer do konnten all zesumme séier schaffen. Ech begrëissen d'Aarbecht vum Conseil d'Etat, déi hei séier gaangen ass, an d'Aarbecht vun der Cofibu an d'Aarbecht vun lech alleguerten, dass mer alleguerten hei séier zesumme virukommen. An ech freeë mech iwwert dee breede Konsens fir dës Mesure.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Finanzminister.

Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6983.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6983 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwver.

De Projet de loi 6983 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei zwou Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adeghe, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de

loi 6962, en Accord tëschent Lëtzebuerg, Groussbritannien an Nordirland, an en Accord tëschent Lëtzebuerg an Zypern. An d'Rapportrice, d'Madamm Claudia Dall'Agnol, wäert eis elo den Detail dozou soen.

**9. 6962 - Projet de loi portant approbation**

**- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et de l'Irlande du Nord concernant la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Londres, le 8 septembre 2015;**

**- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Chypre concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Luxembourg, le 3 septembre 2015**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir hutt jo eigentlech scho gesot, ëm wat et geet. Et geet ëm zwee Accorden iwwert den Échange an ëm d'Protektioun vu klassifizierten Informatiounen, wéi mer der an der Vergaangenheet jo schonn eng ganz Rei och hei an der Chamber gestëmmt hunn. Enner anerem datéiert dee leschte Vott vum 24. Februar dëst Joer, wou mer esou en Accord mat Polen gestëmmt hunn.

Dës Kéier geet et dann eemol ëm den Accord mam Vereenegte Kinnekräich vu Groussbritannien an Nordirland, an eemol ëm den Accord mat der Republik Zypern. Déi zwee Accorde schafe jeeweils de rechtliche Kader, deen den Austausch an de Schutz vu klassifizéierte Materialie vun de Vertragsparteie regelt.

Fréier, ech géif soen, bis nom Enn vum Kale Krich, gouf d'Notioun vu Protection des informations classifiées éischter an engem militäreschen Zusammenhang gebraucht. Haut ass, wéi Der wësst, dat e bësse méi differenziert, och well mer verstärkt mat neien, oft vläicht manner visibele Menacé konfrontéiert ginn, éischters zum Beispill Menacen am Beräich vun der Sécherheet, Terrorismus, Proliferatioun vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter an der Welt, awer och organiséiert Kriminalitéit.

Den zweeten Typ vu Menacen, dat sinn déi, wou et ëm eise Patrimoine économique, financier a scientifique geet. An do handelt et sech dann ëm Industrie- oder och Technologiespionage. Laut dem Global Economic Crime Survey vun dësem Joer goufen iwwert d'Halschent vun eise lëtzebuergesche Betriber, 52%, fir genau ze sinn, schonn Zil vu Cyberkriminalitéit. Déi Menacen, déi sinn also ganz reell, an dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer an deem Beräich besser zesummeschaffe kënnen.

Mir wëssen, dass mer an deem Zesummenhang och, dass mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer am Beräich vun der haute Technologie hunn. An all déi Programmer sinn natierlech mat ville ganz sensibelen Informatiounen verbonden. Wann ee Land also wëllt un esou Programmer deelhuele, da muss een de Partnerlänner och kënnen garantéieren, dass hir sensibel Informatiounen zu Lëtzebuerg genausou gutt protegéiert ginn, wéi dat an hirem Land de Fall ass.

D'Basis vun dëse bilateralen Accorden ass geluecht ginn duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 „relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité“. Duerch dëst Gesetz huet Lëtzebuerg e juristesche Kader sech gi fir d'Klassifizierung vu sensibelen Informatiounen: Wéini muss en Dokument klassifizéiert ginn? Wéi eng Geheimhaltungsstufe ginn et? Wien dierf eng Klassifizierung virhuelen? A wien huet och Zougrëff op d'Material?

Et ass vläicht och nach wichteg ze bemerken, dass et net nëmmen tëschestaatlech Ofkommesse fir de Schutz vun den Échanges vu klassifizéierte Piécen an Informatiounen gëtt, mä et gëtt och multilateral Protektiounsregimenter, zum Beispill am Kader vun der NATO, der ESA oder och der Europäescher Unioun.

Wat elo déi tëschestaatlech Ofkommessen ubelaangt, esou sief och nach erwänt, dass mer schonn eng ganz Rei vun esou Accorde mat